

**Evangelium vun der Ouschternuecht
a vun Ouschteren (am Dag) (Joer B)**

Mk 16,1-7

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- 1 Wéi de Sabbat eriwwer war,
hunn d'Maria vu Magdala,
d'Maria, dem Jakobus seng Mamm,
an d'Salome Essenze kaaft,
fir bei d'Graf ze goen
an de Jesus ze salefen.
- 2 Si koumen deen éischten Dag vun der Woch an aller Fréi bei d'Graf –
d'Sonn war grad opgaang.
- 3 Dunn huet eng déi aner gefrot:
"A wie rullt äis de Stee vum Agank vum Graf ewech?"
- 4 Wéi si opgekuckt hunn,
hunn si gesinn, datt de Stee schonn op d'Säit gerullt gi war –
an dobäi war et e ganz groussen.
- 5 Si sinn an d'Graf eragaang
an hunn do op där rietser Säit e jonke Mann an engem wäisse Gewand
sëtze gesinn.
Du sinn si ellen erféiert.
- 6 Hien awer sot zu hinnen: "Erféiert net!
Dir sicht de Jesus vun Nazareth, dee Gekräizegten –
hien ass aus dem Doud erwächt ginn,
hien ass net hei.
Kuckt, do ass d'Plaz, wou si hien higeluecht haten.
- 7 Gitt elo a sot senge Jünger an dem Péitrus:
'Hie geet iech viraus a Galiläa;
do kritt dir hien ze gesinn,
esou wéi hien iech et gesot hat."

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*